



FRAKTIOUN

CHAMBRE DES DÉPUTÉS  
Entrée le:

30 AOUT 2017

3254

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 30. August 2017

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit biede mir Iech dës parlamentaresch Fro iwwert wahrscheinlech Optriede vum Wollef zu Lëtzebuerg un Madame Minister fir Ëmwelt weiderzeleeden.

An der Äntwert vun der Madame Ëmweltministesch op d'parlamentaresch Ufro No 3157 vum 24. Juli 2017 iwwert ënner anerem 8 doudeg Schof déi méiglecherweis vun engem Wollef gerass kéinte gi sinn ass präziséiert ginn, dass fir definitiv Opschless ze kréie Resultater vun DNA-Prouwe missten ofgewart ginn.

Madame Minister verweist an dësem Kontext op een Pressecommuniqué vum Ëmweltdepartement vum 17. Juli 2017 wou ze liese war, dass et kann e puer Wochen daueren, bis déi Resultater do sinn. Zitat aus dem Pressecommuniqué: « *Eine definitive Schlussfolgerung kann daher im Falle Garnich erst dann getroffen werden, wenn die Resultate der DNA-Proben vorliegen. Diese Untersuchung kann mehrere Wochen dauern.* »

Zënter desem Communiqué an der Äntwert vun der Madame Ëmweltministesch op d'parlamentaresch Ufro No 3157 si méttlerweil méi wei 8 Woche vergaangen.

An deem Kader, wollte mir der Madame Minister fir Ëmwelt folgend Froe stellen:

- Firwat dauert et sou laang bis Resultater virleien ?
- Ginn et Problemer bei der Analyse vun den DNA-Prouwen ?
- Wa jo, wi eng ?
- Wéini ass mat den definitive Resultater vun den DNA-Prouwen ze rechnen ?

Madame Minister huet desweidere bestätegt dass Kot fonnt ginn ass, dee absolut net wollefstypesch war a wou et net kloer ass vu wéi engem Déier dee Kot ass. Dee Kot gouf geséichert an agefruer an e kann zu all Moment analyséiert ginn, falls DNA-Prouwen vun de Schof kee Resultat sollten erginn.


An deem Kader, wollte mir der Madame Minister fir Ëmwelt dës Fro stellen:

- Wann et sou schwiereg ass Resultater vun den DNA-Prouwen ze kréien - gëtt dann elo d' Kotprouw analyséiert a wa jo wéini kéinten do Resultater virleien ?

Här President, mir bidden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.



**Martine Hansen**



**Gilles Roth**

**Députéiert**





*An deem Kader, wollte mir der Madame Minister fir Ëmwelt dës Fro stellen:*

*Wann et sou schwiereg ass Resultater vun den DNA-Prouwen ze kréien - gëtt dann elo d'Kotprouw analyséiert a wa jo wéini kéinten do Resultater virleien?*

D'Regierung gesäit kee Besoin fir sech mat deem Kot, dee schon Objet war vun der parlamentarescher Ufro 3157, ze beschäftegen.